Aktivitéitebericht

2020

DAACHVERBAND VUN
DE LËTZEBUERGER
JUGENDSTRUKTUREN

Léif Lieser*innen,

D'Joer 2020 hannerléisst duerch déi sanitär Kris, duerch de COVID 19 declenchéiert, an eiser ganzer Gesellschaft, besonnesch bei deene Jonken, seng Spueren. Mir als Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen hunn eise Strukturen tatkräfteg Hëllefsstellung ugebueden. No enger interner Ëmorganisatioun nom Summer huet den DLJ en neien Elan geholl fir eise Memberen nei Projeten unzebidden.

De Verwaltungsrot zesumme mat der Ekipp vum Siège hunn d'Memberen an deem net einfache Joer ënnerstëtzt a beroden. Am Qualitéitszierkel si vill Iwwerleeunge gefouert ginn, wéi d'Jugendaarbecht a Krisenzäite méiglech ass, a wéi déi Jonk beschtméiglechst ënnerstëtzt kënne ginn.

D'Corona Pandemie huet d'Jugendaarbecht virun nei Erausfuerderunge gestallt. Aus deem Grond war en Haaptuleies, am reegelméissege Kontakt mat den Träger an de Jugendaarbechter*innen ze bleiwen, fir hir vill Froen zu de Restriktiounen a Consignen an Zesummenaarbecht mam Ministère ze beäntwerten. No praktesche Léisungen ze sichen ass eng zentral Aufgab vum DLJ nieft der Representatioun vun de gemeinsamen Interesse vun den Träger an de Jugendstrukturen. Ënnerstëtzend ze wierken an hirer alldeeglecher Gestioun a Formatiounen unzebidden fir d'Weiderentwécklung vun der Jugendstruktur ze garantéieren, sinn ons Haaptziler. D'Jugend an de Mëttelpunkt ze setzen an d'Strukturen dobäi ze ënnerstëtzen, dat déi Jonk eng Zukunft hunn, an net an dëser schwiereger Zäit ofdriften. Digital Jugendaarbecht, mat neien Aarbechtsmethoden, digitalen Tools, huet sech dobäi als nei Form vu Jugendaarbecht entwéckelt. Doduerch konnten d'Strukturen sech un déi nei Situatioun upasse fir de reegelméissege Kontakt tëschent Jugendaarbechter a Jugendlechen oprechtzëerhalen.

Mam Engagement vun enger neier Chargée de direction ass och neie Wand an d'Ekipp komm an d'Organisatioun vun der Aarbecht ass ëmstrukturéiert ginn. Eis Servicer si Ressources humaines a Comptabilitéit, an de Service Strategie ass elo de Service Qualitéit a Kommunikatioun. Dës Änneruge ginn eisem Optrag méi gerecht, zu enger gudder Netzwierkaarbecht a Qualitéitssecherung an de Jugendstrukture bäizedroen.

Den DLJ seet op dëser Plaz e grousse Merci un all Kooperatiounspartner, de Gemengen a besonnesch dem Team vum Jugendservice vum MENJE, dem SNJ an all de Jugendaarbechter*innen, déi an dëser Zäit déi Jonk onermiddlech ënnerstëtzt hunn.
Nei Membere sinn och 2020 erëm dobäi komm, d'Associatiounen Anonym Glécksspiller, move., Cigale, Wunnengshëllef a Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren. Hinne Merci fir hiren Interessi bei eis Member ze sinn.

Brigitte Ley
Presidentin vum DLJ

Eis nei Chargée de direction

Caroll Kremer

Léif Memberen,
léif Gestionnairë vu Jugendhaiser a Jugendstrukturen,
léif alleguer,

Mäin Numm ass Caroll Kremer an ech si säit dem 1. September 2020 Chargée de direction vum Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen.

Ech hunn un der Ludwig Maximilians Universität zu München studéiert an e Masterofschloss an der Pädagogik souwéi d'Managementformatioun fir de soziale Secteur op der IUIL gemaach.

Meng berufflech Carrière hunn ech als Enseignante fir zukünfteg Erzéier am IEES haut LTPES ugefaangen, fir dono um Familljeministère als Pedagogin ze schaffen. Uschléissend huet et mech op den Terrain gezunn, wou ech bis viru kuerzem als Directrice adjointe bei engem Gestionnaire fir verschidde Maisons relais a Jugendhaiser souwéi eng Rei weider Servicer zoustänneg war.

Ech war déi lescht 2 Joer Member an dono Vizepresidentin vum DLJ fir elo als Chargée de direction d'Gestionnaire vu Jugendstrukturen ze begleeden an ze ënnerstëtzen an d'Jugendaarbecht mat iech zesumme weider ze entwéckelen.

Ech freeë mech op eng gutt Zesummenaarbecht.

Léif Gréiss,
Caroll Kremer

Inhalt

1 DLJ allgemeng 06

2 De Programm vum DLJ 14

3 Ressources Humaines 20

4 Comptabilité 24

5 Weider Informatiounen 27

1 DLJ allgemeng

Den DLJ op ee Bléck



45+
MEMBEREN

- Jugendhaiser
- Jugendservicer

300+
BENEVOLLER
engagéiert fir de Jugendsecteur

- Lokal
- National
- am Daachverband

Missioune vum DLJ

National Vertriedung vun de Gestionnairen a Lobbyaarbecht

Organisatiounsberodung a Management-Ënnerstëtzung

Gestioun a Koordinatioun vu Pilotprojeten

Promotioun vun der Jugendaarbecht

National an international Vernetzung vum Jugendsecteur

Administrativ Servicer

1.1 DLJ asbl: Verwaltungsrot

Zënter der Generalversammlung, déi den 30. Juni 2020 per elektroneschem Vote stattfonnt huet, besteet de Verwaltungsrot (Conseil d'administration, CA) aus de folgenden 10 Vertrieder, déi vun hirer ASBL ee Mandat fir am DLJ matzeschaffe kritt hunn:

Brigitte Ley	Presidentin	Schëtter Jugendhaus asbl
Laurent Hurt	Vize-President	CRIAJ Grevenmacher asbl
Alain Cornély	Tresorier	Jugendtreff SABA asbl
Cathérine Jezek	Sekretärin	Générations 2000 asbl
Thérèse Michaelis	Administratrice	Jugendhaus Rëmeleng asbl
Martine Goetz	Administratrice	CRIJE asbl/Esch-Uelzecht
Nico Meisch	Administrateur	Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung
Marc Pletsch	Administrateur	Jugendtreff Käl/Téiteng asbl
Bob Serres	Administrateur	Générations 2000 asbl
Mike De Waha	Administrateur	de Jugendrot/CGJL asbl

1.2 DLJ asbl: Virstandsaarbecht

D'Gestioun vum DLJ ass vum Verwaltungsrot zesumme mat der Direktiounsbeoptraagten assuréiert ginn.
Et huet e reegelméissegen Austausch stattfonnt tëscht der Presidentin an de Membere vum Verwaltungsrot mat der Direktiounsbeoptraagter an der Ekipp vum DLJ.

Den DLJ ass a folgende Gremie vertrueden a mandatéiert:

- CCT-SAS : Comité de Pilotage, Negociatiounen, Commission Paritaire
- Commission d'Harmonisation «ASFT»
- Conseil supérieur de la Jeunesse (MENJE)
- National Working Group (Jugenddialog)
- Commission Qualité (MENJE, Jugendgesetz)
- Commission de la Formation continue (MENJE)
- Commission du cadre de référence national sur l'éducation non formelle des enfants et des jeunes (MENJE)

1.3 DLJ asbl: Qualitéitszierkel

De Qualitéitszierkel befaasst sech mat Themen zur Qualitéit op 2 Niveauen: intern am Kader vun der Aarbecht am Daachverband an extern betreffend d'Aarbecht vun den Träger an de Jugendstrukturen.
De Qualitéitszierkel wielt all Joer Themen eraus, déi nom internen Audit vum Qualitéitsbeoptraagte Marc Seiler wéi och vun de Membere vum DLJ proposéiert ginn.

Engersäits bezéie sech Qualitéitssecherung an Qualitéitseentwécklung op inhaltlech Aspekter, virun allem d'Jugendaarbecht als non-formal Bildung. Weider Aufgabe sinn d'Evaluatioun souwéi d'Entwécklung vun der professioneller Jugendaarbecht an de Jugendstrukturen. D'Membere gi vum Qualitéitszierkel bei der Qualitéitssecherung an d'Entwécklung duerch Ureegungen an Hëllefsstellungen ënnerstëtzt.

Anerersäits bezéie sech d'Qualitéitsentwécklung an d'Secherung och op de Qualitéitsmanagement vun de Strukture wéi z.B. der Personalféierung, Formatiounen, Teamaarbecht, intern an extern Collaboratioun, etc. De Qualitéitszierkel schaaft Weeër fir eng qualitativ Weiderentwécklung fir all Memberen aus a beréit si bei der Ëmsetzung.

De Qualitéitszierkel:

Franz Bittner	EVEA asbl
Armel Josselin	MJC Bettembourg asbl
Brigitte Ley	Schëtter Jugendhaus asbl
Annie Loschetter	Administration Communale de Mondorf - Jugendstuff Munneref
Thérèse Michaelis	Jugendhaus Rëmeleng asbl
Marc Pletsch	Jugendtreff Käl/Téiteng asbl
Marc Seiler	Graffiti asbl
Caroll Kremer	DLJ asbl
Jérôme Mailliet	DLJ asbl

Rapport vum Qualitéitsbeoptraagten

Léif alleguer,

Als Qualitéitsbeoptraagte vum DLJ freeën ech mech, iech de Rapport vum Qualitéitszierkel virstellen ze dierfen.

D'COVID-19 Pandemie ass een Thema, dat déi Jonk sou wéi d'Jugendstrukture viru gréisser Erausfuerderunge gestallt huet an ëmmer nach stellt. Aus dësem Grond huet de Qualitéitszierkel sech dësem Thema ugeholl, a schafft u Léisungen, Strategien a Kooperatiounen, fir d'Qualitéit an de Jugendstrukturen och an Zäite vu Corona ze assuréieren. Ee Schwéierpunkt läit dobäi an de positiven an negativen Effekter vum COVID-19 op d'Qualitéit an der Jugendaarbecht.
An dësem Kader lancéiert den DLJ eng Initiative a Kooperatioun mat verschiddene Jugendhaiser a Jugendservicer déi d'Zil huet, Jonker ze stäerken, hiert Wuelbefannen am Sënn vum Bildungsrahmenplan ze förderen, hinnen Aktivitéiten am non-formale Kader unzebidden, a si op weiderféierend Berodungsofferen opmierksam ze maachen – einfach een oppent Ouer fir si ze hunn.
Duerch eng Kanaliséierung vun existéierenden Offeren a Ressourcen an duerch eng (virtuell) opsichend Approche sollen all Jonker erreecht ginn, och déijéineg déi net an ee Jugendhaus ginn.

Op dëser Plaz soen ech de Membere vum Qualitéitszierkel, dem Conseil d'Administration, an der Ekipp vum DLJ ee grousse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Schliisslech wëll ech och nach dem Elly Reding, dat sech aus dem Qualitéitszierkel zréck gezunn huet, ee grousse Merci soen, fir säin Engagement an de leschte Joren.

Mat beschte Gréiss,
Marc Seiler, Qualitéitsbeoptraagte vum DLJ

1.4 DLJ asbl: Memberen vum DLJ 2020

Administration Communale de Mondorf M. RECKEL Steve (bourgmestre)	1, place des Villes Jumelées	L-5601 Mondorf-les-Bains
ANIJ a.s.b.l. M. REDING Henri (président)	87, route de Thionville	L-2611 Luxembourg
Anne a.s.b.l., elisabeth Kanner- a Jugendberäich M. SINNER Rhett (président)	22, boulevard Joseph II	L-1840 Luxembourg
Anonym Glécksspiller a.s.b.l. M. PETERS Marc (président)	1b, rue Thomas Edison	L-1445 Strassen
ARCUS a.s.b.l. M. Wolter Jacques (président)	2, place de Strasbourg	L-2562 Luxembourg
Auberges de Jeunesse Luxembourgeoises M. WEIS Romain (président)	2, rue du Fort Olisy	L-2261 Luxembourg
Axwai a.s.b.l. M. ANNICHIARICO Joé (président)	138, boulevard de la Pétrusse	L-2330 Luxembourg
Centre de Médiation a.s.b.l. M. SCHROEDER Paul (président)	87, route de Thionville	L-2611 Luxembourg
Centre LGBTIQ+ Cigale a.s.b.l. Mme GARNIER Christine (présidente)	16, rue Notre-Dame	L-2240 Luxembourg
CIRJE Eechternoacher Jugendhaous a.s.b.l. Mme UFFHEBER Marcy (présidente)	23, rue Hooveleker Buurchmauer	L-6419 Echternach
CNAPA a.s.b.l. M. GRUEN Henri (président)	8-10, rue de la Fonderie	L-1531 Luxembourg
CRIAJ Grevenmacher a.s.b.l. Mme VIVAS Livia (présidente)	20, rue de la Poste	L-6774 Grevenmacher
CRIJE Escher Jugendhaus a.s.b.l. Mme DE LA GARDELLE Danielle (présidente)	65, rue Zéon Bernard	L-4031 Esch/Alzette
de Jugendrot- CGJL a.s.b.l. M. GODEFROID Mathis (président)	87, route de Thionville	L-2611 Luxembourg
EVEA a.s.b.l. M. BITTNER Franz (président)	11, rue Saint Roch	L-8614 Reimberg
Fondation AGGL-FNEL M. WIRION Raoul (président)	61a, rue de Trèves	L-2630 Luxembourg
Fondation Lëtzebuerger Guiden a Scouten M. SCHMIT Matthieu (chargé de direction)	5, rue Munchen-Tesch	L-2173 Luxembourg
Générations 2000 a.s.b.l. Mme JEZEK Catherine (présidente)	24b, rue de Bettembourg	L-3320 Berchem
Graffiti a.s.b.l. M. DRATWICKI Ben (président)	4, place des Rotondes	L-2448 Luxembourg
Inter-Actions a.s.b.l. Mme DAMJANOVIC Gaby (présidente)	73, côte d'Eich	L-1450 Luxembourg
Jugendhaus Gemeng Betzder a.s.b.l. M.SINNER Rhett (président)	14, rue d'Olingen	L-6914 Roodt-sur-Syre
Jugendhaus Miersch a.s.b.l. M. SCHAUS Pol (président)	2, rue Jean Majerus	L-7555 Mersch

☆ Member am CA vum DLJ ✔ Member am Qualitéitszierkel vum DLJ

☆ ✔	Jugendhaus Rëmeleng a.s.b.l. Mme TINTINGER Jessica (présidente)	7, rue des Artisans	L-3712 Rumelange
	Jugendhaus Wooltz a.s.b.l. Mme FRETZ Renée (présidente)	59-61, rue Michel Thilges	L-9573 Wiltz
	Jugendtreff Déifferdang a.s.b.l. M. TRAVERSINI Roberto (président)	5, rue Roosevelt	L-4662 Differdange
✔	Jugendtreff Käl/Téiteng a.s.b.l. M. BECKER Romain (président)	1A, rue de l'Hôtel de Ville	L-3674 Kayl
☆	Jugendtreff SABA a.s.b.l. M. CORNELY Alain (président)	75, rue de Belvaux	L-4418 Sanem
	JUKI Jugendhaiser Gemeng Kielen a.s.b.l. M. BISSEN Marc (président)	15, rue de Mamer	L-8280 Kehlen
	JUMO- Jugend Monnerech a.s.b.l. M. SCHRAMER Marc (vice-président)	1, rue de l'Église	L-3917 Mondercange
	Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. Mme MERSCH Angèle (présidente) et M. EMERING Luc (président)	5, avenue Marie-Thérèse	L-2132 Luxembourg
✔	Maison des Jeunes et de la Culture Bettembourg a.s.b.l. M. DOSSOU Tanguy (président)	37, route d'Esch	L-3230 Bettembourg
	Mérite Jeunesse Luxembourg a.s.b.l. M. METZ Georges (président)	40, boulevard Pierre Dupong	L-1430 Luxembourg
☆	Maison pour jeunes des communes de Bous, Remich, Schengen et Stadtbredimus a.s.b.l. M. WAGENER Ben (président)	4, route du Vin	L-5549 Remich
	Move. / Mouvement Écologique a.s.b.l. Mme WEBER Blanche (présidente)	6, rue Vauban	L-2663 Luxembourg
	Nordstadjugend a.s.b.l. M. LOSCH Maurice (président)	7, avenue de la Gare	L-9233 Diekirch
	Péitenger Jugendhaus a.s.b.l. M. BECKER Romain (président)	1, place de la Libération	L-4701 Pétange
	PHOENIX a.s.b.l. M. FELLER André (président)	87, route de Thionville	L-2611 Luxembourg
	Réidener Jugendtreff a.s.b.l. M. MULLER Jeff (président)	13, Grand-Rue	L-8510 Rédange
	Schëfflenger Jugendhaus a.s.b.l. Mme AGOVIC Enesa (présidente)	10, avenue de la Libération	L-3850 Schifflange
☆ ✔	Schëtter Jugendhaus a.s.b.l. M. HUTMACHER Robert (président)	199, rue Principale	L-5366 Munsbach
	Service Enfants et Jeunes de la Commune de Hesperange a.s.b.l. M. EWERT Christian (président)	474, route de Thionville	L-5886 Hesperange
	Uelzechtdall a.s.b.l. M. BACH Paul (président)	10, rue des Martyrs	L-7375 Lorentzweiler
	Wunnéngshëllef a.s.b.l. Mme SCHABER José-Anne (présidente)	60, rue des Romains	L-2444 Luxembourg
☆	Zentrum fir politesch Bildung (Fondation) M. MEISCH Nico (président)	138, boulevard de la Pétrusse	L-2330 Luxembourg

2 Programm vum DLJ

Januar 2020 - Mäerz 2020

- Entrevue mam Här Henry Welschbillig, Direkter vum LTPES fir sech iwwert de Curriculum vun den Erzéier auszetauschen aa Stageplazen an de Jugendhaiser

- International Konferenz « Youth work in the digital era »
  Dës Konferenz am Hibléck op d'Digitaliséierung an der Jugendaarbecht huet den DLJ zesumme mat Bee Secure, dem SNJ an der Nationalagentur Anefore organiséiert.
  Weiderféierend Material fannt dir ënnert folgendem Link:
  https://www.dlj.lu/lb/digital-youth-work/

- Neijoërsiesse vum Verwaltungsrot an der Ekipp vum DLJ

- Mini-Seminaire mam Thema „Kollaboratioun Jugendhaiser-Wunnengshëllef"

- Participatioun un der „Lëtz go equal in digital" Konferenz organiséiert vum Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer (MEGA)

- Kick-off-Dag vum Aarbechtsgrupp
  „Gendergerecht Jugendaarbecht" initiéiert vum SNJ

- Éischten Deel vun der Formatioun Travailleur désigné

Lancement vum Facebook Grupp
„Digital Jugendaarbecht a Lëtzebuerg“

Organisatioun vu verschiddene Web-Meetinge fir Jugendstrukture fir sech iwwert den Ëmgang mat der Corona-Pandemie a den Auswierkungen op Jonker auszetauschen

Lancement vum Concours an der Ëmfro **„Loscht op Muer ?!“** fir Jonker tëscht 12 a 26 Joer a Kooperatioun mat SOS Kannerduerf Lëtzebuerg

Duerchféierung vum Sondage **„Jugendaarbecht an Zäite vun der COVID-19 Pandemie“** bei de Memberstrukture vum DLJ

Realisatioun a Publikatioun vun de **„Praxistagebücher aus der Sozialen Arbeit in Zeiten von Covid-19“** zesumme mam PraxisBüro vun der Uni Lëtzebuerg a mam Jugendhaus Rëmeleng

Redigéieren/ Opsetze vum Bäitrag **„Die Förderung von Gesundheit und Wohlbefinden in der Offenen Jugendarbeit - aus der Sicht der Träger der Luxemburger Jugendstrukturen“** fir den Expertisenband vun der Uni Lëtzebuerg

Digital Assemblée Générale vum DLJ den 30. Juni 2020

Juli 2020 - September 2020

- Participatioun um SNJ-Symposium mam Thema **„Jugendhaiser wärend der Coronakris“**

- Entrevue mat de Vertrieder vum MENJE fir de Relancement vum Outreach Youth Work ze initiéieren

Kollaboratioun mat infoMann am Kader vum Projet **„Social Boys“**

- Réunion de la rentrée vum MENJE an der Philharmonie

- Participatioun um 3. Bundeskongress Kinder- und Jugendarbeit

Participatioun un der Foire vun der Jugendaarbecht beim SNJ am Forum Geesseknäppchen

Oktober 2020 - Dezember 2020

- Fäerdegstellung vum Kapitel „Die Förderung von Gesundheit und Wohlbefinden in der Offenen Jugendarbeit- aus der Sicht der Träger der Luxemburger Jugendstrukturen“ fir den Expertisenband vun der Uni Lëtzebuerg

- Matwierkung un der Finalisatioun vum iwwerschaffte Bildungsrahmenplan

- Participatioun un der SNJ Konferenz « Zesummeschaffen an der Jugendaarbecht »

- Ausschaffe vum Avis fir de Jugenddësch „Gesondheet a Wuelbefannen an der Jugendaarbecht“

- Konzeptioun vum Projet LGTBIQuoi?
  a Partnerschaft mat Cigale an dem SJ vum MENJE
  (viraussiichtlech Lafzäit: 15. September 2021 – 31. Dezember 2022)

- Konzeptioun vum Projet Verhalensofhängegkeeten - Bildschiermer, Internet a Medien zesumme mat CNAPA

Verbands- a Gremienaarbecht iwwert dat ganzt Joer

- Ënnerstëtzung bei der Ëffentlechkeetsaarbecht fir d'Membere vum DLJ
- Datenerhiewung bei de Membere fir d'Kontaktdonnéeë vun de Jugendstrukturen à jour ze setzen
- Realisatioun a Veröffentlechung vum Aktivitéitebericht 2019
- Technesch Mise à jour vum Internet-Site
- Finalisatioun vun der Demande vum Agrément « service de formation »
- CCT-SAS: Participatioun un de Reunioune vum COPIL an der Commission paritaire souwéi un den Entrevuë mat de Gewerkschaften
- Commission de la formation continue / SNJ
- Participatioun u verschiddene Generalversammlunge vun de Memberstrukturen
- Berodungsaarbecht bei verschiddenen ASBLen
-

  Ëmstrukturéierungen um Siège vum DLJ:
  Espace Accueil, Uschafung vun neiem Material
- Ëmsetzung vu Moossnamen am Hibléck op COVID-19 (Trennwänn, Télétravail)

3 Ressources Humaines

3.1 Allgemeng Statistiken

Paien déi gerechent gi pro Mount

Mount	Paien	13. Mount	Solde congé	Indemnité de départ
Januar	227	2	0	0
Februar	230	0	0	0
Mäerz	232	4	0	0
Abrëll	231	4	0	0
Mee	229	3	2	0
Juni	228	3	0	1
Juli	230	3	0	0
August	235	4	0	1
September	244	3	2	0
Oktober	245	6	3	0
November	248	1	0	0
Dezember	246	240	0	0
Total	2825	273	7	2

Congés de circonstance

Congé de maternité **11**

Congé parental **12**

6 plein-temps
3 mi-temps
3 fractionné

Dispense de travail **2**

3.2 Jugendhaiser



Geschlechterverdeelung

Vollzäit- an Deelzäitaarbecht



Alter vun de Mataarbechter*innen



CCT-SAS Carrièren vun de Mataarbechter*innen



Anciennetéit vun de Mataarbechter*innen

3.3 Jugendservicer



Geschlechterverdeelung

Vollzäit- an Deelzäitaarbecht



Alter vun de Mataarbechter*innen



CCT-SAS Carrièren vun de Mataarbechter*innen



Anciennetéit vun de Mataarbechter*innen

4 Comptabilité

4.1 Budget vun de Jugendhaiser



4.2 Budget vun de Jugendhaiser iwwer 3 Joer



4.3 Finanzéierung vun de Projeten



4.4 Aktivitéiten / Rencontre



4.5 Finanziell Participatioun

vun deene Jonken fir hirt Deelhuelen un Aktivitéiten a Projete fir 2020 a % ausgedréckt



Projeten 50/50



Rencontre



Rencontre & Projeten

5 Weider Informatiounen

5.1 D'Ekipp vum DLJ

Direktioun

CAROLL KREMER
Chargée de direction, Pédagogue
(vum 1. September 2020 un)
Tél : 26 29 32 38
caroll.kremer@dlj.lu

SIMONE GRÜN
Chargée de direction (bis den 31. August 2020)

Aufgabeberäicher:

- Direktioun, Koordinatioun, Kommunikatioun a Projetsleedung
- Personalféierung a Management
- enk Zesummenaarbecht mam Verwaltungsrot
- Virbereedung vun an Deelhuelen un alle Reunioune vum DLJ (BE, CA, AG, etc.)
- Travailleur désigné
- Berodung vun de Memberstrukturen
- Participatioun u verschiddene Reuniounen (Comitéssëtzungen, AG) an Evenementer vun de Memberassociatiounen
- Mataarbecht a verschiddene Gremien als Vertriederin vum DLJ
- Zesummenaarbecht mat externen Organisatiounen
- Plangen an Ëmsetze vu Formatiounen
- Vertriedung an Austausch mat de Gestionnairen a Lobbyaarbecht
- Plattform fir dat edukatiivt Personal an Zesummenaarbecht mam MENJE an dem SNJ
- Berodung fir benevole Jugendstrukturen am Bezuch zur Organisatioun
- Konzeptioun vu neie Pilotprojeten
- Begleedung vun der Féierungsaarbecht am Hibléck op de Personalmanagement an de Jugendstrukturen
- Ëffentlechkeetsaarbecht

Qualitéit a Kommunikatioun

JÉRÔME MAILLIET
Assistant à la direction, Pédagogue
Tél : 26 29 32 40
jerome.mailliet@dlj.lu

VALÉRIE RICCIARDI
Agente administrative & graphiste
Tél : 26 29 32 39
valerie.ricciardi@dlj.lu

Aufgabeberäicher:

- Berodung vun de Memberstrukturen
- Sammelen, Ausschaffen a Bereetstelle vun Informatioune fir d'Memberstrukturen
- Plangen an Ëmsetze vu Formatiounen an Austauschméiglechkeete fir d'Gestionnairen
- Plattform fir dat edukatiivt Personal an Zesummenaarbecht mam MENJE an SNJ
- Organisatioun an Duerchféierung vu jugendthematesche Veranstaltungen
- Berodung fir benevole Jugendstrukturen am Bezuchzur Organisatioun
- Konzeptioun vu neie Pilotprojeten
- Vernetzung an Ënnerstëtzung vun de Jugendhaiser am Kader vum „Outreach Youth Work"
- Inhaltlech a grafesch Konzeptioun vun DLJ Dokumenter/Broschüren
- Ëffentlechkeetsaarbecht, sozial Reseauen, Homepage

Der fréierer Chargée de direction wënscht den DLJ alles Guddes fir hir berufflech Zukunft.

Ressources Humaines

PEGGY GLODT
Agente administrative
Tél : 26 29 32 32
peggy.glodt@dlj.lu

Aufgabeberäicher:

- Rechne vun de Salaire vum Personal vum DLJ an de Memberstrukturen
- Gestioun vun de Personaldossieren
- Kooperatioun mat der Sozialversécherung (CCSS) an der Gesondheetskeess (CNS)
- Berodung bei Froe vun de Memberen am Beräich vun der Personalgestioun

Comptabilité

LUC COLJON
Comptable
Tél : 26 29 32 37
luc.coljon@dlj.lu

NADIA DE MARCH
Secrétaire comptable
Tél : 26 29 32 31
nadia.demarch@dlj.lu

Aufgabeberäicher:

- Finanzgestioun vum DLJ
- Finanzgestioun vun de Memberassociatiounen (Comptabilitéit, Comptes annuels, Bilanen)
- Gestioun vun den Assurancendossieren
- Berodung bei Froe vun de Memberen am Beräich vun der Comptabilitéit

MERCI

De Verwaltungsrot an d'Ekipp vum DLJ soen all de Memberen ee besonnesche Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Ee grousse Merci geet un all Partner, sou wéi un déi vill fräiwëlleg Memberen, déi sech national a lokal fir d'Jugend engagéieren an och un all déi, déi den DLJ am Laf vum Joer tatkräfteg ënnerstëtzt hunn.

Den DLJ ass iwwerdeems frou fir jonke Leit a Fräiwëllegen d'Méiglechkeet ze ginn, Asiicht an d'Aarbecht um Siège ze kréien.

Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen

87, route de Thionville | L-2611 Luxembourg | T. +352 26 29 32 35 | hello@dlj.lu

www.dlj.lu